N° 6330
Reçue le 01.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op parlamentaresch Fro n° 6330 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen

1. **Firwat huet d'Schléissung vun dësem Bauerenhaff 6 Joer gedauert?**

2. **Wéi gesäit d'Prozedur aus, wann ee Baueren- oder Ziichterbetrib d'Déierewuel net méi garantéiere kann?**

Am Fall vu Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz sinn eng Rei vu Prozedure virgesinn, déi agehale musse ginn. Den Déierenhalter kritt als éischt d'Méiglechkeet, déi festgestallte Problemer an engem festgeluechten Zäitraum ze behiewen.

Ee weidere Schrëtt besteet doranner, administrativ Mesuren ze ergräifen, géint déi ee Recours virum Verwaltungsgeriicht méiglech ass. A leschter Instanz gëtt den Dossier un déi juristesch Autoritéite weidergeleet.

De Bien-être animal ass och ee wichtegt Element vun der Konditionalitéit vun de Bäihëllefen. Dowéinst ginn d'Verstéiss dem Service d'économie rurale matgedeelt. Am Kader vun enger Procédure administrative non-contentieuse kënnen dem Déierenhalter prozentual zu der Gravitéit vum Verstouss d'Flächeprimme gekierzt ginn.

3. **Wéi vill Betriber sinn aktuell an der Prozedur fir zougemaach ze ginn?**

Aktuell gëtt et kee Betrib hei zu Lëtzebuerg an esou enger Prozedur.

4. **Wéi eng Kompetenzen huet d'Veterinärsinspektioun, fir an esou Fäll direkt den Déiere kënnen ze hëllefen?**

Am Déiereschutzgesetz ass nieft enger administrativer och eng juristesch Prozedur virgesinn, woubäi fir d'lescht d'Geriichter zoustänneg sinn. Wann am Kader vun der administrativer Prozedur engem Déierenhalter d'Garde vu sengen Déieren entzu gëtt, mussen déi Déieren dem Gesetz no enger „personne physique ou morale" uvertraut ginn, déi d'Déiere logéiert a sech ëm si këmmert. Dës Charge kann och vun enger Déiereschutzorganisatioun iwwerholl ginn.

5. **Wéi vill Kontrolle vu Bauerenhäff goufen vun der Veterinärsinspektioun an de vergaangene 4 Joer gemaach? Wéi vill Verstéiss goufen an deem Zäitraum géint d'Déiereschutzgesetz festgestallt?**

An deene leschte 4 Joer goufe 457 Kontrollen ob Betriber gemaach. Dozou zielen d'Routineskontrollen op de Betriber wéi och d'Nokontrollen op deenen, wou een oder méi Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz festgestallt goufen. Déi leschtgenannte Betriber ginn deemno méi oft am Joer kontrolléiert. Déi 457 Kontrolle goufen op 203 Betriber gemaach, dobäi goufe 70 Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz bei 39 Betriber festgestallt.

Bei de Verstéiss gëtt et verschidde Kategorien, woubäi déi eng méi ee groussen Impakt op de Bien-être animal hunn an als méi schwéier ugesi gi wéi Verstéiss, déi keen sou een direkten Afloss op d'Wuelbefanne vun den Déieren hunn, wéi z.B. ee Feeler am Medikamentebuch oder Fiches vétérinaires, déi feelen. Déi genannte 70 Verstéiss aus deene leschte 4 Joer regruppéieren all déi Kategorien.

6. **Wéi eng Opfaangstrukturen existéieren hei am Land oder am noen Ausland fir Déieren, déi vun engem Bauerenhaff oder enger Ziichterei beschlagnaamt ginn? Falls keng existéieren, wou wier et opportun där ze hunn?**

Zu Lëtzebuerg gëtt et keng Opfaangstrukture fir Déieren ze logéieren, déi beschlagnaamt goufen. D'Ënnerbréngung gëtt jee no Bedarf a Fall organiséiert.

Esou eng Opfaangstruktur permanent oprecht ze halen ass en zimmlech groussen Opwand, well déi Struktur ëmmer fir de Noutfall prett stoe muss, d.h. d'Infrastrukturen an d'Equipementer mussen an der Rei gehale ginn, dat néidegt Fudder muss disponibel si grad wéi d'Personal fir dat Ganzt ze geréieren, wann Déiere bis opgeholl ginn.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN